

Rei vu Jugendleche gëtt, déi musse während enger Zäit agespaart ginn. Ech wëll och drun erënneren, dass et net de Justizminister ass, deen d'Mineuren an de Prisong setzt, mä dat si Gerichtsdécisiounen, déi ganz gutt iwwerluegt sinn, well mir hu festgestallt, dass d'Zuel vun den Deeg, wou Mineuren am Prisong setzen, en fait ganz kleng ass. Nach, wéi gesot, siche mer eng aner Solutioun, an d'Familljeministerin an ech wäerten d'Chamber an nächster Zäit eng Kéier doriwwer informéieren.

Mir wëllen och weiderhi kucken, dass mer déi Gefaangen, déi zu Lëtzebuerg stroffälleg gi sinn an déi comdamnéiert gi sinn, awer keng Attaché mat Lëtzebuerg hunn, am Kader vun der Resozialiséierung versichen, esou wäit wéi méiglech an hir Heemechtslänner ze kréien, fir dass se do hir Strof ofsetzen, wou se Kontakter hu mat hirer Famill. Do ass viru kuerzem e Protokoll zu enger Konventioun vum Europarat ugeholl ginn. Mir hunn haut schon eng Konventioun, mä den Détenu muss ëmmer d'accord sinn. An Zukunft ginn et Moosnamen, wou den Détenu net muss d'accord sinn. Déi Konventioun ass nach net vu ville Länner ratifizéiert, mä ech sinn duerch Arrêté grand-ducal vum 27. Mee autoriséiert ginn, hei an der Chamber de Projet de loi iwwert d'Approbatioun vun deem Protokoll ze déposéieren. Och dat ass e wichtegt Instrument, fir op d'mannst eng Rei vu Condamnéierten, kee Lien mat Lëtzebuerg hunn an déi besser géingen an hirem Heemechtsland hir Strof ofsetzen, fir déi Länner an de Prisong ze schécken. Dofir wollt ech och hei, Här President, den Dépôt vun deem Projet de loi maachen.

11. Dépôt d'un projet de loi

– *Projet de loi 4966 portant*

1. *modification de la loi du 31 juillet 1987 portant approbation de la Convention du 21 mars 1983 sur le transfèrement des personnes condamnées et réglant le transfèrement des personnes condamnées et détenues à l'étranger*
2. *approbation du Protocole additionnel à la Convention sur le transfèrement des personnes condamnées du 18 décembre 1997*
3. *approbation de l'accord relatif à l'application, entre les Etats membres des Communautés européennes, de la Convention du Conseil de l'Europe sur le transfèrement des personnes condamnées du 25 mai 1987*

12. Question avec débat n° 19 de Mme Renée Wagener relative aux problèmes d'encadrement et de communication à l'intérieur du centre pénitentiaire de Schrassig (*Suite*)

Ech géing, Här President, aus Zäitgrënn zum Schluss kommen, obschonns dass, wéi gesot, zum Prisong een nach laang a vill kënn schwätzen.

(*Interruption*)

D'Chamber décidéiert, ob eng Interpellatioun ugeholl gëtt.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - D'Regierung gëtt eng Äntwert, wou se dra schreift, ob se der Meenung ass, dass et eng Question avec débat ass oder eng Interpellatioun.

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice. - A wat huet d'Regierung dann hei geäntwert, Här Krecké?

M. Jeannot Krecké (LSAP). - D'Regierung gëtt eis all Kéier eng Indikatioun, Här Minister! Et deet mer Leed.

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice. - Ech wëll lech just soen, dass ech à tout moment bereet sinn, sechs Stonnen iwwert de Prisong ze schwätzen, mä ech froe mech, ob dat néideg ass, well hei ass scho ganz viles gesot ginn.

Loosst mech nach fäerdeg maachen, well ech sinn iwwert der Zäit.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Här Minister, wann Der erlaabt. Genau dat doten hunn ech an der Conférence des Présidents de Fraktiounschef vun der CSV gefrot, an dunn hunn ech confirméiert kritt, dass d'Regierung keng Loscht hätt, iwwert deen dote Sujet eng Interpellatioun ze maachen. An dunn hunn ech gesot, ech wier erstaunt doriwwer, well ech hätt eng ganz Rei Saache gekuckt um Site vun der Regierung. Ech soen lech merci, dass Der mer d'Bestätegung gitt, dass de Wëlle vun der Regierung kloer do war, dass et donc e Manöver vun der CSV war, fir et ofzeblocken.

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice. - Ech muss lech soen, Här Bausch, dass ech à tout moment bereet sinn, esou laang wéi d'Chamber dat gären hätt, ze schwätzen iwwert déi Politik, déi ech dagan, dagauss maachen. An enger Demokratie hunn ech ni e Problem gehat ze communiquéieren. Et sinn aner Leit, déi heiansdo Problemer hunn, wann ech communiquéieren, well se da fannen, dat hätt elektoral Grënn. Do komme mer nach herno drop zrëck.

Mä ech muss lech soen, an de Prisongen zu Givenech an zu Schraasseg ass ganz vill geschitt an deene leschte Joren. Ech hunn lech hei elo eng Dose Saachen opgezielt, déi am Ausland vill manner gutt gemaach ginn. Hei gëtt all Dag vill geschafft, net nëmme vun de Leit aus mengem Ministère a vu mir selwer, mä och vun deene Leit um Terrain, Parquet général an déi Leit, déi am Strof-vollzuch sinn.

Ech soen nach eng Kéier, et gi Problemer an déi Problemer sinn inherent zur Natur vum Prisong. Ech mengen, d'Klima Direktioun-Personal ass besser ginn. Et ass vill besser wéi a ville Prisongen am Ausland. Ech begrëssen déi Efforten op all Säit, déi gemaach gi sinn. D'Problemer muss ee léisen a rouege Gespréicher tëschen deenen engen an deenen aneren, mä déi müssen um Terrain geléist ginn. Et ass eng falsch Impressioun, dass Ministeren oder och Deputéierten, déi heiansdo eng Visite am Prisong maachen, wou se ëmmer häerzlech wëllkomm sinn,